Schoulbibliothéiken, an ech denken do zum Beispill un eis Lycéeën, mir hunn och ewell aner Bibliothéiken, an ech menge mir sollen och do d'Verantwortung aneschters verdeelen. Zum Beispill d'Schoulbibliothéiken an eise Lycéeën, firwat déi net opmaache fir de Public, sou gutt fir déi Jugendlech, wéi fir d'Populatioun am Allgemengen?

An ech erënneren hei drun, dass ech beim Bau vum Réidener Lycée gesot hunn, vu dass dee Lycée - sech als Aufgab gëtt, fir regional mat de Leit aus der Regioun ze schaffen, dass eng vu sengen Aufgabe soll sinn, fir dass d'Bibliothéik accessibel fir de Public ass. Firwat also exklusiv mat de Gemenge schaffen? Et muss een a mengen Aen och mat deene bestoende Strukturen schaffen, also och mat de Bibliothéiken aus de Lycéeën.

An esou wéi Dir Äre System hei proposéiert hutt, huet een herno als Gemeng de Choix, dass een et entweder ganz bei sech oder regional mécht. Dat geet awer och net. Well menger Meenung no muss oder soll, deemno wéi grouss, dass d'Schoul ass, an der Primärschoul zum Beispill, déi Schoulbibliothéik einfach an der Gemeng an der Schoul sinn. Mä dat bedeit awer net, dass all Gemeng och muss de ganze Volet fir déi Erwuessen offréieren; dat kréie si net ronn. Da muss een also deen ee Service bei sech an der Gemeng hunn an deen anere Service, dee muss ee regional offréieren, well soss geet et net. Dat sinn awer alles Démarchen, déi een zwar menger Meenung no muss um Terrain maachen, déi awer an der Realitéit mat deem heiten Text, sou wéi e momentan verfaasst ass, net kënne gemaach ginn.

Dat sinn elo e puer vun deene prakteschen Iwwerleeungen, déi ech wollt zu dëser Thematik ginn an an där ech och wollt ënnersträichen, dass och mir, esou wéi d'CSV, dës Proposition de loi an deem heite Wierkungsberäich net kënnen droen. An ech mengen déi Initiativen, déi vun der Regierung an der Éducation nationale gelobt gi sinn, wéi „Lies emol e Buch", plus all déi aner Initiativë weisen awer dorop hin, dass mer vun der Wichtegkeet vum Liesen absolut iwwerzeegt sinn, mä dass eben dës Proposition de loi net dee Kader bitt, deen e misst hunn, fir deem Zil gerecht ze ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Dagmar Reuter-Angelsberg agedroen. D'Madame Reuter huet d'Wuert.

Mme Dagmar Reuter-Angelsberg *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et trëfft sech gutt, dass mer dës Woch, mam Artistestatut a mat dëser Proposition de loi iwwert d'Schafung vu kommunale Bibliothéiken, gläich zweemol Themen um Ordre du jour hunn, déi kulturell Schwéierpunkte setzen.

Et ass leider nach net jiddferengem bewosst, dass et grad an Zäite vu Krise falsch ass, um kulturelle Plang ze spueren. Am Géigendeel, de bewossten Ëmgang mat der Kultur a mat hire Wäerter muss méi wéi jee geziicht an ënnerstëtzt ginn an an deem Kader gesi mir och dës Initiativ vum Här Zanussi a mir begréissen se.

Wa mer Kultur an de bewossten Ëmgang mat der Kultur hei am Land wëlle massiv ënnerstëtzen, gehéiert dozou, dass mer lokal, kommunal a regional genuch fir d'kulturell Infrastrukture sollte maachen. Do denken ech net nëmmen un d'Kulturzentren, mä och un Ugeboter, déi et eisen Awunner sollen erlaben u Kultur an all hir Formen erunzekommen; an dozou gehéiert och d'Liesen.

De Wäert vum Liese gëtt ëmmer erëm an op alle méigleche Plaze betount, mä et gëllt och fir d'Leit ze aktivéieren, fir emol erëm méi oft zu engem Buch ze gräifen. Dat gëllt net nëmme fir eis jonk Leit, mä och fir déi Erwuessen, déi grad an deem Punkt net onbedéngt e Virbild sinn. Wéi kann ech mäi Kand motivéieren e Buch an de Grapp ze huelen, wann et mech selwer ni mat engem Buch gesäit a wann am ganzen Haus kee Buch ze fannen ass, ausser als Dekoratioun an der beschter Vitrine?

Wann een d'Leit wëllt un d'Liese kréien, da muss een hinnen e bëssen op d'Spréng hëllefen. Et ass sécher net domat gedoen, dass mir an alle Gemenge sollte Bibliothéiken zur Verfügung hunn, mä et ass e bësse wéi mam öffentlechen Transport: Wéi soll e Mënsch iwwerzeegt ginn dovun ze profitéieren, wann d'Ugebot miserabel ass?

Esou wéi déi Propositioun et och beschreift, bidde modern ageriichte Bibliothéiken haut vill méi wéi just e puer oniwwersiichtlech Bicherregaler. Déi modern Technologien hunn och eis Bibliothéike revolutionéiert, an dobäi kënnt, dass déi Verantwortlech sech längst scho vill an interessant Gedanke gemaach hu wéi een den Openthalt an enger Bibliothéik zu engem angenehmen an entspanenden Erliefnes ka maachen. Wien de Kader vun esou enger modern ageriichtener Bibliothéik schonn emol erlieft huet, dee weess wéi motivéierend dat wierkt an dass och an eiser moderner Gesellschaft vun de scheinbar alles erdréckende Massemedien esou eng Bibliothéik wuel eppes ze bidden an hir Daseinsberechtegung huet.

Ech wéilt op e puer Aspekter vun dëser Proposition de loi e bësse méi genau agoen, wann et erlaabt ass, an nach deen een oder deen anere Virschlag maachen. Ech war fir d'éischt emol erschreckt wéi ech matkritt hunn, dass esou wéineg Gemengen haut hire Bierger eng Bibliothéik offréieren. Och wann een niewent de kommunalen net soll déi Bibliothéike vergiessen, déi vu verschiddenen Associatiounen, wéi zum Beispill den Amitiés françaises, ugebuede ginn, da sinn d'Zuelen dach awer däitlech a verlaangen, dass Initiativ geholl gëtt.

Genausou wichteg ass et och, dass ee vu vireran och déi richteg Jalonë setzt, fir dass déi Bibliothéiken net nëmmen um Pabeier bestinn oder an iergendengem Duerfwénkel e Schattendasein féieren. Mir brauche modern Bibliothéiken, déi aktiv op d'Leit duergi fir se mat Elan vun hirem Wäert an hiren interessanten Dimensiounen ze iwwerzeegen. Eis Nopeschlänner, awer besonnesch déi skandinavesch Länner maachen eis dat vir, an an deem Kader ass et net verwonnerlech, dass zum Beispill Finnland esou gutt bei PISA ofgeschnidden huet, wann ee vergläicht wéi vill Leit pro Joer wéi vill Bicher aus enger finnescher Bibliothéik ausléinen.

Sécher, eis Erziehungsministesch huet dëst Joer eng Initiativ an der Schoul gestart fir d'Liesen ze ënnerstëtzen, an et sollt een och net de Wäert vun der Initiativ wéi „Freed um Liesen" oder „E Buch fir an den Zuch" vergiessen, awer eis Effortë fir d'Buch musse weidergedroen a vill méi intensiv ginn. Eis Regierung huet scho bal zur Chefsaach gemaach, dass den Ëmgank mam Internet bei eis am Land soll virugedriwwe ginn, mä dat sollt net nëmmen an de Betriber, an de Schoulen esou sinn.

Firwat net iwwert de Wee vu kommunalen a regionale Bibliothéiken en Netz vun Internetcaféen ariichten? Esou eng Internetstuff an enger Bibliothéik hëlleft net nëmme sech an der Bibliothéik ze orientéieren, mä ka ville Leit vun dobaussen ënner fachgerechter Betreiung vun engem Bibliothécaire d'Geleeënheet bidden, sech mat der Welt vum Internet vertraut ze maachen. Och dat ass e Beispill duerfir wéi eng modern Bibliothéik iwwert dat traditionellt Bildnis eraus nei an interessant Perspektive ka bidden.

Selbstverständlech kënne mer nëmmen ënnerstëtzen, dass d'Bibliothéiken och mussen dat néidegt qualifizéiert Personal hunn. Qualifizéiert heescht an deem Fall och, dass déi Leit sech net nëmmen an der Welt vun de Bicher auskennen, mä och léieren hirer Funktioun als Animateur gerecht ze ginn, an ëmmer erëm och duerch eng sënnvoll Formation continue um Ball bleiwen, dat heescht um potenzielle Lieser bleiwen.

Iwwert d'Netz vun de kommunale Bibliothéiken eraus soll een och an de bestehenden an an deenen nei geplangtene Lycéeë Bibliothéiken ariichten, déi net nëmmen den Élèven, mä och de Leit dobaussen offe stinn. Esouwäit ech weess gëllt dat bis elo just fir e puer Lycéesbibliothéiken, déi an deem Sënn och un d'Nationalbibliothéik ugeschloss sinn an e Service de prêt fir jiddfereen ubidden.

Wann dës Proposition de loi Virschléi mécht mat wiem esou eng Bibliothéik kënnt zesummeschaffen, da géif ech och ganz gär do nach déi kommunal Kulturkommissiounen derbäisetzen, deene sech do och d'Méiglechkeet bitt am Kader vun enger Bibliothéik Manifestatiounen ofzehalen, wéi Liesungen, Cabaret, souguer kleng Theaterstécker oder kombinéiert Concerten, wou Buch a Musek sech zesummefannen. Esou Initiativë gëtt et schonn an et soll ee se onbedéngt ervirsträichen. Och wann dës Veranstaltungen net déi grouss Massen unzéien am Moment, esou ass dat op jidde Fall net ze vernoléissegen.

An da géif ech nach de Virschlag maachen och ganz konkret eis Bibliothéiken anzesetze fir eis Lëtzebuerger Literatur an eis Lëtzebuerger Schrëftsteller méi ënnert d'Leit ze bréngen. Do kënnt ee ganz geziilt d'Zesummenaarbecht mam LSV sichen. De Lëtzebuerger Schrëftstellerverband géif esou eng Initiativ sécher mat grousser Genugtuung begréissen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Kulturministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Zanussi huet gemengt hei ze zitéieren, d'Regierung wär géint seng Proposition de loi. Dunn hat ech scho gemengt, da bräicht ech jo iwwerhaapt net ze schwätzen. Et ass mer awer ugeleeë fir Zousazinformatiounen ze ginn, déi zënterhier komm sinn, an ech sinn e bësse verwonnert, datt an der Debatt hei keen déi Enquête ugeschwat huet, déi de Ministère gemaach huet iwwert d'Liesen.

An engem Wuert kënnt ech jo de Ruff no méi Bibliothéike widderleeën andeems ech géif soen: An där Enquête hu bei deenen, déi gefrot gi sinn, firwat datt se net liesen, 0% gesot, datt d'Ursaach déi wär, datt keng Bibliothéik an hirer Géigend wär. Et kann een also argumentéiere mat Zuelen, déi beluecht sinn, nodeems mer déi Enquête do gemaach a verdéift hunn an nodeems déi Enquête iwwregens och weist, datt mer par rapport zu eisen auslänneschen Noperen net esou schlecht dostinn.

Mir hunn zum Beispill eng Enquête aus Frankräich, déi seet 74% vun der Bevölkerung hunn am leschte Joer op d'mannst ee Buch gelies; dat ass jo ëmmer d'Fro. An Däitschland waren dat 72% an zu Lëtzebuerg sinn et 61%. Mir leien domat mat Kanada op enger Wellelängt an net esou wäit ewech vun aneren européische Länner, woubäi an der Enquête, déi ganz verfeinert gemaach ginn ass, och no Nationalitéiten erauskënnt, datt bei eis déi portugisesch Bevölkerung zum Beispill ganz déif läit am Liesen, wat natierlech an eisem Prozentsaz matspillt. Et kann een ëmmer méi maachen. Et kann een ëmmer besser maachen.

Et kann een natierlech den Enthusiasmus vun de Gemengen net bremsen. Dat hunn ech och net gemaach, an iwwerall do wou eng Gemeng gefrot huet fir Ënnerstëtzung ze kréie fir hir Bibliothéik, huet se déi kritt, an iwwerall do wou Gemenge sech zesummegedoen hu fir Bibliothéiken opzebauen, do hu mer dat vum Kulturministère ënnerstëtzt. Mir hu versicht ze koordinéieren; dat ass eng vun de Missioune vun eiser Nationalbibliothéik.

Mir hunn an där Koordinatioun den Objektiv verfollegt fir iwwer een informatesche System am Angebot vernetzt ze denken, dat heescht, wann een an der Bibliothéik vum Här Schank wëllt e Buch bestellen iwwer Internet wat an der Nationalbibliothéik am Katalog ass, da kann een dat kréien. Et huet een also deemno eng ganz grouss Auswiel. Mir hu mat de Bibliobusse gutt Erfahrunge gemaach, an ech wéilt hei ënnersträichen, datt, esoulaang wéi d'Aufgabe vun de Gemengen a vum Stat net gekläert sinn, et schwiereg ass fir de Ministère, fir vun uewen erof ze soen: Gemengen, elo maacht Dir alleguerte Bibliothéiken a mir hëllefe bezuelen, well et jo awer eng Partie Problemer gëtt, déi mat Raimlechkeeten, déi mat Personal ze dinn hunn an déi och mat Finanzement ze dinn hunn.

Ech wëll also keen a sengem Enthusiasmus bremsen. Ech wëll och ënnersträichen, datt all déi Initiativen, wéi déi Bicherdeeg, déi organiséiert gi sinn op lokalem Plang, munchmol mat ganz groussem Asaz vun de Gemengen, an Initiativë wéi „Freed um Liesen", Auteurliesungen an de Schoulen, onwahrscheinlech vill derzou bäigedroen hu fir ronderëm d'Buch eng Atmosphär ze schafen, wat all déi, déi gemengt hunn, wéi de Computer komm ass, elo wär et eriwwer mam Buch, widderleet. Et ass also net esou, datt d'Buch amgaangen ass ofzestierwen, et ass au contraire esou, datt ech d'Gefill hunn, datt et méi lieweg ass, an datt och d'Initiativen, déi zesumme mam Schrëftstellerverband gemaach ginn am Kader vun der Promotioun vun eiser Literatur, sech an deen dote Kader areien.

Mir hunn also e Réseau, deen aus 25 Bibliothéiken insgesamt besteet. Mir hunn awer, wéi mer eis Enquête gemaach hunn, eis un 89 Bibliothéiken oder Centres de documentation gewannt. Do sinn dann déi derbäi, déi net als Bibliothéik enregistréiert sinn, mä déi awer Bicher zur Verfügung stellen. Dat huet als Resultat erginn, datt mer wéi gesot bei de Prozentsätz vun deenen, déi liesen, net esou schlecht leien, datt mer par contre bei de Prozentsätz vun deene Jonken nach Nohuelbedarf hunn, well et kënnt bei der Enquête eraus, datt vun deene Jonken tëschent 16 a 24 Joer, 26%, dat sinn der net vill, tëschent 11 an 20 Bicher an engem Joer gelies hunn, an 9% hunn 21 Bicher a méi gelies.

Eis nächst Enquête iwwert d'kulturell Praxisse wäert sech méi geziilt ëm d'Primärschoulkanner këmmeren, esou datt mer dann do och eng Partie Réckschlëss kënnen zéien, well et ass jo leschten Enns och vläicht interessant emol ze kucke wat d'Leit liesen, an et ass och interessant ze kucken, firwat datt se net liesen. Bei deenen, déi net liesen, do soen 42%, et géif se net interesséieren, 38% soen, si hätte keng Zäit, 0,1% soen, et wier ze deier, si kënnte sech kee Buch kafen, an 0% soen, et hätt domat ze dinn, datt keng Bibliothéik an hirer Noperschaft wier. Also dat ass keen Argument wat an d'Feld gefouert gëtt.

Et ass iwwregens esou, datt bei de Lecteuren nëmmen 10% an d'Bibliothéik ginn, well eng ganz Partie Leit sech hir Bicher selwer kafen. A bei de Prozentsätz vun de Bicher, déi an de Ménagë present sinn, hu mer ganz héich Zuelen. Et wäert also ganz sécher derwäert sinn, ier mer iwwert d'Weiderentwécklung vun eise Bibliothéike schwätzen, datt mer eis déi Enquête do ganz genee ukucken.

Et steet awer eent fest, Här President, déi nächst Regierung, egal wéi se ausgesäit an egal wien dobäi ass, muss sech dem Bibliothéikswiesen unhuelen a muss mat Prioritéite virgoen. An eng vun den éischte Prioritéiten ass d'Schafe vun enger Universitéitsbibliothéik. An eng vun de Prioritéiten ass d'Klärung vun de Kompetenze vun eiser Nationalbibliothéik, an eis Nationalbibliothéik ass duerchaus och à même fir am Réseau ze funktionéieren, a wéi gesot, esou wéi dat elo scho funktionéiert, sinn ech natierlech frou iwwer all Gemeng, déi d'Initiativ ergräift fir eng Bibliothéik ze schafen an ech ënnerstëtzen se gären.

Merci.

M. le Président.- Domadder wier dee Punkt ofgeschloss.

4. 5023 - Projet de loi modifiant

1) la loi du 30 juillet 1999 concernant

a) le statut de l'artiste professionnel indépendant et l'intermittent du spectacle

b) la promotion de la création artistique

2) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail (suite)

Mir kéimen dann elo, nodeems mer gëschter d'Diskussioun vum Projet de loi 5023 iwwert den Artistestatut ofgeschloss haten, zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen dann driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 11 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 50 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. Jean-Paul Rippinger), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer (par M. Alexandre Krieps);

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-

Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen) et Aly Jaerling;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo erëm zu de Propositions de loi. Do hu mer fir d'éischt d'Presentatioun vun der Proposition de loi 5106 vum Här Laurent Mosar iwwert d'Virnimm vun de Kanner. Et si schonn agedroen: d'Madame Err, d'Madame Durdu an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

5. 5106 - Proposition de loi relative aux prénoms des enfants

Présentation

M. Laurent Mosar *(CSV), auteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn de Moment an der zoustänneger Commission juridique amgaangen de Projet de loi iwwert den Numm vun de Kanner ze diskutéieren, deen och entre-temps vum Statsrot aviséiert ass, wat e ganz wichtege Projet ass. Ech wollt an deem Kontext eng Proposition de loi déposéieren iwwert d'Virnimm vun de Kanner, eng Proposition de loi, déi ech dann als Complément zum Projet de loi iwwert den Numm vun de Kanner gesinn.

Wat gesäit déi Proposition de loi elo vir, déi ech déposéiert hunn? Déi huet u sech dräi Voleten.

Deen éischte Volet geet ëm de fräie Choix vun den Elteren, fir hirem Kand oder hire Kanner deen Numm ze ginn, dee si sech erausgesicht hunn, ausser bien entendu, datt dëse Virnumm géint déi öffentlech Uerdnung géif verstoussen.

Bis elo ass et jo esou, datt et e ganz uraalt Gesetz ass vum 11. respektiv 12. Germinal Joer XI, wat u sech déi ganz Virnimmsdispositioune regelt, an déi Dispositioun gesäit dann och vir, datt den Officier de l'État civil just dierf Nimm akzeptéieren, déi an de Kalennere stinn, oder Nimm vu geschichtleche Personnagen, wat och an der Praxis dozou féiert, datt all Officier de l'État civil a sengem Büro eng Rei déck Bicher leien huet, wou en dann ëmmer erëm nosiche geet, ob dee Virnumm, deen d'Eltere fir hir Kanner ausgeswielt hunn, och an engem vun deenen décke Bicher steet. Dat féiert dann heiansdo zu relativ cocassë Situatiounen.

Just fir lech do ee Beispill ze ginn. An engem Office de l'État civil hu sech eng Kéier Eltere presentéiert, déi hiert Kand wollten Anastasia mat engem S nennen, an et steet awer am offizielle Buch mat zwee S. Du war dat eng ganz komplizéiert Prozedur, fir schlussendlech dem Kand den Numm vum Anastasia mat engem S ze ginn, an déi Elteren hate ganz vill Problemer, fir dat duerchzesetzen. Och wann haut déi administrativ Praxis vun deene Virnimm vill méi large gehandhabt gëtt, ass et dach esou, datt déi Législatioun, no där mer nach ëmmer verfueren, längstens net méi zäitgeméiss ass, och besonnesch wann ee se vergläicht mat anere Législatiounen, besonnesch vun eisen Nopeschlänner.

Dobäi kënnt, datt mir jo ganz besonnesch hei an eisem Land eng multikulturell a cosmopolite Gesellschaft hunn, an datt sech natierlech och bei ganz ville vun eisen auslännesche Matbierger d'Identifikatioun par rapport zu hirer Ursprungsnationalitéit, awer och par rapport zu hirer Geschicht, hirer Kultur, oder hirer Konfessioun iwwert de Virnumm mécht, an dofir ass et och wichteg, datt een deene Leit d'Méiglechkeet gëtt hire Kanner deen Numm ze ginn, dee se fir gutt befannen.

Dofir gesäit meng Proposition de loi vir, datt an Zukunft d'Eltere kënnen déi Nimm eraussichen, déi se fir gutt befannen. Eenzeg Limite, déi ech proposéieren, natierlech dierfen déi Virnimm net géint den Ordre public verstoussen.

Zweete Volet, deen ech virschloen, ass, datt géint déi Décisioun, am Fall wou déi Décisioun vum Officier de l'État civil negativ wär, do Recoursméiglechkeete festgeschriwwe ginn. Ech hu virgeschloen a menger Proposition de loi, datt fir d'éischt e Recours grâcieux kënnt beim Justizminister gemaach ginn, an duerno dann eventuell och déi zoustänneg administrativ Juridictioune befaasst ginn. Ech hunn awer gesinn, datt an der Prise de position vun der Regierung d'Preferenz besteet, fir weider dëse Volet bei den zivile Geriichtsbarkeeten ze beloossen. Ech hunn och kee Problem, wann een dat da géif bei den zivile Geriichtsbarkeete loossen.

Leschte Volet ass ee wat u sech e relativ trauregen ass, fir ganz vill vun eise Matbierger. Hei geet et nämlech ëm d'Problematik vun deenen dout gebuerene Kanner, respektiv vun deene Kanner, déi kuerz virun der Gebuert stierwen. Do ass am Moment leider Gottes d'Situatioun déi, datt esouguer déi Kanner emol net kënnen en Acte de naissance kréien, a bien entendu emol net d'Urecht op e Virnumm hunn.

Dëst ass eng Situatioun, déi fir déi concernéiert Elteren dramatesch ass an déi och net onbedéngt zu enger gesonder Trauerbewältigung bäidréit. De Projet de loi iwwert den Numm vun de Kanner gesäit do och eng Rei von Dispositioune vir, déi justement dës Problematik behandelen. U sech geet meng Propositioun an déiselwecht Richtung; dat eenzegt wat bei mir och nach derbäikënnt, dat ass, dass ech eben d'Méiglechkeet virgesinn, datt och déi Kanner awer solle kënnen e Virnumm kréien.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech lech natierlech bieden dës Proposition de loi ze ënnerstëtzen an ech sinn och scho ganz frou, datt d'Regierung a sech se favorabel aviséiert huet.

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

Discussion

Mme Lydie Err *(LSAP).-* D'Regierung huet, Dir Dammen an Dir Hären, wéi den Här Mosar seet, dee Projet oder déi Propositioun hei favorabel aviséiert. Et muss een dann awer och éierlechkeetshallwer derbäi soen, dass dat nëmmen deelweis de Fall ass. Ech perséinlech hu mat groussem Virwëtz déi Propositioun do gelies a wéi ech fäerdeg war, hunn ech gesot: Et wier vläicht besser gewiescht, et wär eng Schëpp nogeluecht gi bei der Ëmännerung oder bei der Opmaachung vun de Méiglechkeete vum Familljennumm wéi iwwert de Virnumm hei ze schwätzen, besonnesch aus e puer Ursaachen eraus.

Éischtens kann een de Moment och schonn de Virnumm änneren ouni allze vill grouss Schwieregkeeten. Allerdéngs ass d'Prozedur fir de Virnumm ze ännere relativ opwändeg. Ech mengen, dass de Parquet gefrot gëtt, de Statsrot gëtt gefrot, da geet et op de Ministère hannescht, an normalerweis muss ee motivéieren, firwat een de Virnumm ännere wëllt.

Ech kann lech ee Beispill soen. Et ass e Reglement erauskomm, ech weess net méi, uganks der 80er oder der 90er Joren, mengen ech, wou gesot ginn ass, déi Leit, déi am Krich gebuere sinn, an déi net deen Numm konnte kréien, deen d'Eltere wollten, well en ze vill franséisch geklongen huet, déi konnten op Ufro vum Officier de l'État civil hire Virnumm an déi franséisch Versioun ëmännere loossen.

Do ass et gaangen, an ech denken och, dass et wierklech méi wichteg gewiescht wär, fir d'Ëmännerung vum Virnumm iwwer méi eng einfach Prozedur lafen ze loossen, wéi elo hei virzegesinn, dass ee kënnt e Recours maache bei der Umeldung vun engem Numm, deen net genehm wier, an dass de Recours, wann e beim Minister net géif duerchgoen, misst iwwert déi administrativ Geriichtsbarkeete lafen. Den Numm ass eng Question d'État, wéi och d'Regierung gesot huet, a wann et e Recours gëtt, kann en nëmmen um Civil lafen.

Ech denken awer, dass dat e groussen Opwand ass fir eppes, wat Somme toute net misst en neit Gesetz kréien, mä einfach eng nei Prozedur, fir dass d'Ëmännerung an enger Interventioun respektiv engem Bréif beim Officier de l'État civil misst kënnen duergoen. Iwwregens ass dat och schonn am Frankräich de Fall, wat de Beweis ass, dass op jidde Fall kee Plagiat vun enger Nopeschgesetzgebung virläit, jiddefalls net wat déi franséisch Gesetzgebung ubelaangt.

Ee Virdeel fannen ech an dëser Proposition de loi an dat ass zwar deen aus sentimentale Grënn fir d'Kanner, déi dout op d'Welt kommen oder ganz fréi stierwen, dass déi och kënnen e Virnumm kréien. Ech ka mer virstellen, dass et wichteg ass fir d'Verschaffe vum Verléiere vun engem Kand, kënnen en Numm op dat Kand ze setzen, deen och offiziell iergendwou festgehalen ass. Dat fannen ech e Virdeel par rapport zu der Gesetzgebung.

Ech fannen awer, dass aner Prezisiounen, déi an der Propositioun dra sinn, wierklech och net ganz sënnvoll sinn. Wann den Här Mosar seet, de Choix muss opgemaach gi vun der Méiglechkeet vun de Virnimm, da kann ech mech nëmme wonneren, well ech kenne Leit, déi hunn déi onméiglechsten Nimm an déi sinn hei zu Lëtzebuerg agedroe ginn, sou dass déi Uwendung vun deem Text, deen hei vläicht zu Recht kritiséiert gëtt, awer méi labber ass, wéi dat den Uschäin huet. Beispillsweis gëtt zu Lëtzebuerg en Numm wéi Immaculata ouni Problem agedroen, gëtt och genannt an esou weider. Och do kënnt ee sech froen, net ob et contraire à l'ordre public ass, wat dem Här Mosar seng Propositioun verbitt, mä ob et conforme au bon sens ass fir engem klenge Meedchen, dat op d'Welt kënnt, esou en Numm ze ginn.

Ech denken och un, wat hei drasteet, dass de Choix vum Numm net dierf contraire sinn zum Intérêt vum Kand. Wa mer wësse wat fir eng Diskussiounen iwwert d'Notioun oder iwwert de Begrëff vum Intérêt vum Kand dat op wichtege Problematike stellt, dass kee Mënsch genau weess, wat dat ass, froen ech mech, firwat mer eis an dëser Matière nach géifen eng siche goen a soen eng nei Gesetzgebung géing erschwéiert ginn doduerjer, dass och nach misst all Kéiers gekuckt ginn, ob oder ob net den Intérêt vum Kand bei dem Vergi vun deem Numm do net violéiert ginn ass. Dat ass e bëssen en ellent Wuert, mä Dir verstitt, wat ech mengen.

Dofir also am Kloertext nach eng Kéier, fannen ech, dass déi heiten Iddi keng ganz gutt ass, dass wann een op dësem Niveau eppes hätt wëlle maachen, hätt ee sollen eppes un der Prozedur änneren, fir de Virnumm ze änneren, dass den Intérêt vum Kand e wichtege Begrëff ass, mä en onkamouden an dass et onnéideg ass an dësem Kontext dat eranzebréngen.

Drëttens, dass wann et e Recours gëtt, dat menger Meenung no kee Recours ka ginn op den administrative Geriichtsbarkeeten, mä op den zivile Geriichtsbarkeeten an dass een da Somme toute vill besser gehat hätt sech ëm den Numm tout court vun de Kanner ze këmmere wéi ëm de Virnumm.

Ech soen lech merci!

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi kann ech mech ganz kuerz halen, well ech am Numm och vu menger Fraktioun ka soen, dass mir dës Proposition de loi matdroen.

Ech ginn den Observatioune vun der Regierung Recht, andeems datt se seet, et ass éischter e Recours civil, wann do Recoursméiglechkeete geschaaft ginn, wéi elo op dem Tribunal administratif.

Ech wéilt nach just ee Bedenke mat op de Wee ginn: Ech sinn absolut frou iwwert den éischten Artikel, den éischten Alinea, well wann ee konfrontéiert ass mat Elteren, déi e Kand verluer hunn, a si konnten deem keen Numm ginn, dat ass ganz schlëmm. Dat ass eng schlëmm Erfahrung fir déi Elteren, mä nach géif ech mengen, froen ech mech, ob een do awer net eng bestëmmte Limite vun der Durée soll aféieren, datt ee seet, Kanner ab fënnef, sechs, siwen, aacht, néng Méint, quitte datt een dat a Wochen normalerweis ausdréckt, mä datt een do vläicht déi eng oder aner Limite abréngt.

Mä fir de Rescht muss ech soen, droen ech an dréit meng Fraktioun dës Proposition de loi a wa se dann aviséiert gëtt vum Statsrot, wäerte mer kucken esou séier wéi méiglech e Gesetz aus dëser Proposition de loi ze maachen.

Ech soen lech merci!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorabelen Här Mosar huet eng gutt Proposition de loi eraginn, déi e reelle Problem duerstellt fir munch Leit. D'Iddi selwer fir de Virnumm fräizeginn, ouni datt ee muss dausende vun Nimm kontrolléiere loossen, ob se en règle sinn, ob se bestinn iergendwou oder net, ass eppes, wat fir munch Gemengen net méi tragbar ass an dofir ass dat heiten eng gutt Proposition de loi.

D'Iddi fir de Kanner, déi dout gebuere sinn, kënnen en Numm ze ginn, ass och eng Iddi, déi mer approuvéieren. Ob et elo d'Zivilgeriichter solle sinn oder déi administrativ Geriichter, déi sollen décidéieren, ech géing mengen, datt de Recours beim administrative Geriicht dee wier, datt de Ministère d'avocat bei der éischter Instanz net gefuerdert ass, sou datt dat géing fir munch Bierger e bësse méi bëlleg ginn. Et muss een eventuell natierlech och kucken, ob een net einfach duerch eng Décisioun vum President vum Tribunal och kënnt eng Décisioun erbäiféieren, wa Contestatiounen do wären. Mä insgesamt gëtt d'ADR-Fraktioun dëser Proposition de loi en Avis favorable.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President. Och déi Gréng kënne mat der Richtung vun dëser Proposition de loi averstane sinn, och wa sech vläicht um Niveau vun der Prozedur Divergenzen erginn, sou wéi se elo virdru vun der Madame Err hei duergeluecht goufen.

Déi Proposition de loi deelt sech op an zwee Voleten. Dat éischt ass d'Fro vum Choix vum Virnumm, deen et jo haut net gëtt, a wou mir eis als Gréng och dofir ausschwätze fir op en neie Wee ze goen, deen och an anere Länner jo scho begaange gëtt, fir dass de Stat sech am Fong do aus deene perséinlechen an individuellen Entscheedungen, déi am Privatliewen, an dësem Fall dann ebe vun den Eltere par rapport zu hirem Kand, geholl ginn, net méi soll esou amëschen, wéi dat bis elo de Fall ass.

Den Auteur vun der Proposition de loi huet jo och an deem Kontext nach den Artikel 8 vun der Mënscherechtskonventioun invoquéiert, déi ebe vum Recht op e Privatliewe schwätzt. Interessant ass, dass dat hei de Fall ass, dass déi Mënscherechtskonventioun hei ugeschwat gëtt. Mir wäerten haut de Mëtten nach op eng aner Proposition de loi ze schwätze kommen, wou et och ëm de Schutz vum Privatliewe geet. Ech si gespaant, wéi sech déi aner Leit heibanne wäerten dozou positionéieren, an zwar ass dat déi, déi och um Ordre du jour steet iwwert d'Adoptioun.

Ech kommen awer erëm zréck op déi heite Propositioun. Den zweeten, vill méi delikate Volet, deen och mat ganz villen Tabue beluecht ass, dat ass dee vun der Méiglechkeet fir dout gebuerene Kanner e Virnumm ze ginn. Et geet hei ëm e vläicht symboleschen, mä awer dofir net manner wichtegen Aspekt vum Deuil bei engem Décès périnatal, deen net nëmmen déi betraffen Elteren trëfft, mä och den Entourage an och zum Beispill d'Geschwëster vun deem Kand. Dat ass wierklech en Thema wou ech denken, dass mer sollten als Parlament d'Wichtegkeet dovunner unerkennen an eppes ënnerhuelen.

Eng ähnlech Problematik wéi déi vum Virnumm, déi zwar hei net ugeschwat gëtt well se och vläicht iwwert deen dote Kontext elo erausgeet, dat ass déi vum Recht op e Begriefnis vun deene Kanner. Zu Lëtzebuerg, wa meng Informatioune stëmmen, ass e Bëbee eréischt eng juristesch Persoun nom 180. Dag vun der Schwangerschaft. Wann en duerno stierft, da gëtt am État civil enregistréiert e wär „présenté sans vie", wann e virdru stierft, da gëtt seng Existenz guer net notéiert, an duerfir hunn d'Kanner, déi virum sechste Schwangerschaftsmount stierwen, kee Recht op e Begriefnis.

Hir Kierperen - an dat ass fir d'Eltere wierklech extrem schlëmm - ginn dann eigentlech am Prinzip an de Klinike wéi Déchets hospitaliers eliminéiert. Dat ass wierklech eng Situatioun, déi onerdreeglech fir déi betraffe Familljen ass. Eng Rei vu Kliniken hunn duerfir och speziell Begriefnisplazen op hiren Terrainen ageriicht, mä déi legal Situatioun ass eigentlech net an deem Sënn geregelt. An anere Länner kënnen d'Eltere wielen ob se e Begriefnis fir hiert Kand wëllen hunn, oder awer d'Limite légale fir kënnen ze begruewe läit net esou spéit wéi bei eis.

Dir Dammen an Dir Hären, ob et elo ëm den Numm geet oder ëm d'Begriefnis, et geet a béide Fäll drëm, deem Kand eng Identitéit ze ginn an esou den Trauerprozess fir d'Elteren a fir d'Famill méi akzeptabel ze maachen. An ech wéilt do d'Conseillère conjugale Josiane Nilles-Medinger zitéieren, déi an engem Buch, wat virun engem oder zwee Joer erauskomm ass, vun enger Rei vu betraffenen Elteren, ënnert dem Titel „Eidel Äerm", gesot huet: „Nous ne pouvons pas